

Dat erlaabt mer, net méi misse vill op d'Detailer anzegoen. An da géif ech Iech all Merci soe fir déi ganz grouss Zoustëmmung fir dëse Rapport.

Ech wollt awer dräi kleng Punkte maachen. Ech wollt, éischstens, awer nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun dësem Text insistéieren. Et ass wierklech e Change-ment de paradigme. Mir ginn dem LBR hei eng ganz aner Roll, fir eeben ze garantéieren, datt déi Don-néeën, déi um LBR zur Verfügung stinn, och fiabel sinn.

Dat ass ganz wichteg, dat ass schonn e puermol ugeklongen, natierlech fir d'Zivillgesellschaft, mee awer och fir déi wirtschaftlech Aktivitéit hei am Land.

Dann, en zweete Punkt ass deen, datt mer awer och eng Approche adoptéiert hunn, déi eng Sensibilisa-tion vun de Betriber virussetzt. Et geet par étapes. Als éischt kritt een eng E-Mail, wann eng Formalitéit net erfëllt ass, da gëtt et eng Warnung, an da gëtt um Site geschriwwen, datt eng Donnée feelt. An eréischt da kënnt déi Sanction administrative, kann déi geschwat ginn, soudatt mer do awer wierklech och probéieren, d'Betriber mat op de Wee ze huelen.

An dann, drëtens, ass et wichteg, datt mer eis mat deem heite Projet dann och conforméiere par rapport zu der Jurisprudenz vum Europäesche Gerichtshaff, wat den Accès op den RBE ubelaangt, an an deem Sënn och den Accès perenniséiere fir d'Journalisten an natierlech fir all déi Acteuren, déi en matière de blanchiment aktiv sinn.

An deem Sënn e ganz grouss Merci fir Är breet Ënnerstëtzung.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Mi-nistesche. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7961. Den Text steet am Document parlementaire 7961<sup>21</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7961 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi dann eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galle (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 18. Dépôt d'une proposition de loi par M. Mars Di Bartolomeo

Elo hunn ech nach eng Ufro vum Här Mars Di Bartolomeo, dee wëllt eng Proposition de loi depo-séieren. Dann ass et un Iech, Här Di Bartolomeo.

(Brouhaha)

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Elo si mer awer gespaant.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... eng rout Kaart!

(M. Mars Di Bartolomeo montre un carton rouge.)

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Dir hutt 5 Minuten – just.

**Exposé**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur | Merci, Här President. Merci och fir d'Flexibilitéit. Eigentlech war geplangt, et de Mëtten zum Ufank vun der Sëtzung ze maachen. Also e grouss Merci.

Ech wollt eng Proposition de loi deponéieren, déi op dat reagiert, wat virun engem Mount hei iwwer en Appell vun der Croix-Rouge geschitt ass, fir dat an Zu-kunft ze verhënnern.

D'Croix-Rouge huet virun engem Mount en Appell un eis fräiwëlleg Blutspender gericht, fir Blut ze spenden, well d'Blutreserven e kriteschen Niveau erreicht hunn.

Lëtzebuerg zeechent sech duerch e Blutspendesy-stem aus, deen exemplaresh ass, well en op de Vo-lontariat opgebaut ass a mir kënnen op ronn 15.000 fräiwëlleg Blutspender zréckgräifen.

De Sënn vun dëser Proposition de loi ass et, änlech wéi an der Fonction publique, wéi am Gemengesec-teur, wéi an enger Rei vu Konventiounen, Kollektiv-verträge a fräiwëllegen Ofmaachungen zwëschent de Salarié vum verschiddene Betriber, fir dat ze verall-gemengeren, nämlech, beim Akt vum Blutspenden e Congé spécial oder eng Fräistellung vu véier Stonnen ze gewärleeschten. Dat wäicht net vum Volontariat vum Blutspenden of, huet fir de Budget kee Käsch-tepunkt, mee kann awer e Käschtepunkt hu fir déi eenzel Betriber. An do ass et net verbueden, falls déi heite Proposition de loi sollt Realitéit ginn, driwwer ze diskutéieren, wien eng Hand mat upake kéint, fir déi zousätzlech Fraisen ze decken.

Do kann een zum Beispill un d'CNS denken, et kann een och un d'Mutualitéit vun den Entreprises den-ken. Mee wichteg ass et, dee System vum fräiwëllege Blutspenden ze pereniséieren. An dat hei ass ee Schrëtt. Et si jo weider Schrëtt ugekënnegt ginn. An ech wollt dofir dem President déi hei Proposition de loi iwwerreechen a Merci soe fir d'Flexibilitéit.

8471 – Proposition de loi portant modification de l'article L. 233-16 du Code du travail

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Déi Proposition de loi geet dann an d'Conférence des Présidents.

## 19. 8381 – Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

An da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, an zwar de Projet de loi 8381, eng Moderni-sation an Upassung vum Code de procédure pénale. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur huet also 10 Minuten, déi eenzel Fra-k-tionen a Sensibilitéit 5 Minuten, d'Regierung 10 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, den Här Dan Hardy an d'Madamm Sam Tanson. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Donnersbach. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Justice**

**M. Alex Donnersbach** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Also, dëse Projet de loi gouf effektiv den 8. Mee 2024 vun der Justizministesch deposiert a soll de Code de procédure pénale moderniséieren. D'Zil ass et, d'Lutte géint d'Kriminalitéit duerch nei Moosnamen an Adaptatiounen vun de Prozeduren ze verbessern.

D'Pierre angulaire vun dësem Gesetzesprojet ass wierklech dat neit Kapitel am Code de procédure pé-nale fir d'Recherche active vun de Fugitifs. An da gouf et nach weider punktuell Verbesserungen vun der Pro-cédure pénale.

Fänke mer mat der Pierre angulaire vun dësem Ge-setzesprojet un: Dat ass, wéi gesot, d'Recherche active vun de Fugitiven. Do gi fir déi éischte Kéier strukturéiert Moosnamen agefeiert, déi et erlaben, d'Fugitiven aktiv ze fannen. Aktuell ass et nämlech esou, datt d'Lëtzebuurger Recht am Fong net kloer virgesinn huet, wéi déi Fugitiven aktiv apprehendé-iert kënnen ginn. Aktuell gëtt et verschidde Saachen: Den Artikel 332 a weiderer vum Code pénal luxem-bourgeois inkriminéiere verschidde Saachen, wéi zum Beispill d'Hëllef, wann ee fortleeft, awer net d'Flucht selwer.

Mat dësem Projet de loi gëtt dës Onkloerheet, dës juridique Onkloerheet, elo eliminéiert. An all déi ver-schidde Saache ginn elo kloer gereegelt, wann een aus dem Prisong fortleeft, wann ee sech net presentéiert, wann ee sech bei enger Surveillance électronique net un d'Reegelen hält, alles dat gëtt elo kloer gereegelt, fir datt d'Police hei kloer Moyenen huet. Contrairement zum franséische Recht, wou am Fong all d'Kompetenze beim Procureur sinn, bleiwe mer hei an der Kohärenz vum lëtzebuergesche System. Dat heescht, d'Kompe-tenze sinn opgedeelt ginn zwëschent dem Procureur d'État an dem Juge d'instruction: dem Procureur d'État op där enger Säit, dee kompetent ass fir d'Recherche vun de Fugitiven duerch d'Mandat oder duerch eng Enquête préliminaire, an op där anerer Säit de Juge d'instruction, dee spezifesch Moosnamen ordonéiert, wéi de Reperage an d'Lokalisatioun. Voilà. Dat bleift also an der Kohärenz vun eise System.

Da gi weider Artikelen ugepasst, notament den Ar-tikel 101-1. Do gëtt preziséiert, datt d'Police d'Recht huet, an en Doheem eranzegoen, wa si eng Person duerch e Mandat d'amener oder e Mandat d'arrêt sicht. Dat war bis haut e bëssen onkloer, soudatt d'Polizisten net woussten: Däerf ech elo an den Do-micile eran oder net? Déi heiten Dispositioun mécht dat elo ganz kloer, datt, wann esou e Mandat d'arrêt do ass, se dann och kënnen an den Domicile eragoen.

Da gëtt och den Artikel 179 ugepasst. Hei geet et am Fong drëm, den Delay vun dräi Deeg ofzeschaafe, an deem d'Jugen decidéiere kënnen, ob se an enger kol-legialer Formatioun tagen oder net. Dat ass am Fong

e Parallelisme de forme dermat, wéi et och elo am Civil a bei den Affaires familiales ass.

Da gëtt och den Artikel 223 vum Code de procédure ugepasst. Dat ass notamment par rapport zu de Societäten, déi pénalement ugesicht ginn. Do gëtt elo nach eng Kéier prezisiéiert, wien déi Persoun, dee Représentant legal, ass, deen zu deem Moment ugesicht gëtt. Wann d'Personne morale ugesicht gëtt, dann ass et déi Persoun, déi zu deem Moment, wou déi Aktioun ugefaange gëtt, eeben de Représentant légal ass.

Natierlech ass et esou, datt d'Responsabilité personnelle, wann eng Action pénale ass géint déi Responsable vun der Firma, zu deem Moment ass, wou déi Faite waren. Wann déi perséinlech ugesicht ginn, da sinn et natierlech net déi, déi et sinn zu deem Moment, wou d'Action publique uleeft, mee dee Moment, wou d'Faite vun der Aktioun hir Base hunn.

Da gëtt nach den Artikel 621 ugepasst, wou d'Noutwendegkeet vum Accord vum Prevenu bei der Suspension vum Prononcé eliminéiert gëtt.

Voilà. Am Ganze gouf et bei dësem Gesetzesprojekt sechs Avisen. Aus zäitleche Grënn wäert ech elo net op déi sechs Avisen agoen. Ech wäert just prezisiéieren: De Staatsrot hat a sengem Avis vum 22. Oktober aviséiert an och eng Opposition formelle formuléiert par rapport zu der Police, wien d'Qualité d'officier de police judiciaire huet. Doropshin huet d'Kommissioun decidéiert, deen Artikel ze sträichen. An domat ass och d'Opposition formelle am Fong opgehewe ginn.

D'Remarke vun den Avise vum Tribunal d'Arrondissement an och vum Parquet sinn deelweis integréiert ginn an de Rapport ass den 12. Dezember unanime vun der Justizkommissioun ugeholl ginn.

Domat kann een ofschléissend soen: Dëse Projet de loi stellt e wichtege Schrëtt fir d'Moderniséierung vun eiser Justiz duer. Domat kréie mer méi eng effikass Justiz. Mir kréie méi Rechtssécherheet. Mir hunn eng kloer Kompetenzverdeelung tëschent dem Procureur an dem Juge d'instruction. An d'Police kritt eeben déi Sécherheet an och déi Instrumenter, déi et erlaben, d'Fäll vu Fugitifs méi schnell ze léisen.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech hei dann och ofschléissend den Accord vun der Fraktioun ginn. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Donnersbach.

Da kritt den Här Guy Arendt d'Wuert. Här Arendt.

### Discussion générale

**M. Guy Arendt** (DP) | Jo, merci. Här President, Madamm Minister, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, dësen Text ass e wichtege Schratt a Richtung Moderniséierung vun eisem Code de procédure civile.

Mir als DP-Fraktioun begrëssen dëse Projet ausdrécklech, well et noutwendeg ass, dass d'Justiz déi noutwendeg Mëttelen huet, fir kënne aktiv ze sinn.

Et ass och positiv ze bewäerten, dass duerch dësen Text d'Kooperatioun mat den europäeschen Autoritéiten verbessert gëtt, soudass mer eng méi effikass transnational Justiz kënne kréien. Wichteg ass den Text och, fir ze verhënnern, dass verschidde Leit sech duerch Lacunnen derduerschläichen a laanscht Sanktiounen kommen.

Wat awer och ze begrëssen ass, dat ass, dass mer duerch dëse Projet de loi, duerch déi verschidde

Modifikatiounen, déi gemaach ginn am Text, méi eng rapid Justiz kënne kréien, d'Acceleratioun vun den Debaten.

An dofir kënne mir als DP-Fraktioun nëmmen eisen Accord ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Arendt. Här Biancalana, et ass un Iech.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Bon, virop: Mir wäerten als LSAP dëse Projet de loi matdroen, well e sech ganz kloer an d'Modernisatioun vun der Justiz respektiv vum Code de procédure pénale aschreift. Ech mengen, de Rapporteur ass op eng ganz Rei Elementer agang. Mee ech mengen, d'Kärelement ass jo effektiv dat, dass mir, respektiv d'Autoritéite fir d'Sich no flüchtege Persounen méi Moyene kréien, wéi se der de Moment hunn. An dat ass wichteg, well mer de Moment keen explizitte gesetzleche Kader hunn, fir effektiv eng Rei Operatiounen duerschzeféieren.

An ech mengen, dass et awer och wichteg ass, am Kader och vun der Entraide judiciaire mat eisen Nopeschlänner, awer och um europäeschen an och um internationalen Niveau ganz kloer en zouverläsigen an och gudde Partner ze sinn am Kader vun der Strofverfolgung.

Mee wann engersäits de Procureur d'État hei nei Kompetenze kritt, ass et awer och de Procureur européen délégué, deen hei effektiv nei Kompetenze kritt ronderëm d'Sich vu flüchtege Persounen. Soumat mengen ech, dass mer der Justiz hei déi néideg Instrumenter, déi néideg Outils ginn, fir dat deementsprechend och kënne ëmsetzen. An dofir droe mer dat och mat.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Biancalana. Här Hardy.

**M. Dan Hardy** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, den Text vun dësem Gesetzesprojekt stellt fir eis eng Vereinfachung a Moderniséierung vum Code de procédure pénale duer, déi et och erlaabt, méi effikass géint d'Kriminalitéit virzegoen. Dofir stëmme mir dëse Gesetzesprojekt mat.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Hardy. D'Madamm Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech ginn och den Accord vun deene Gréngen zu dësem Text.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann hu mer d'Lëscht vun eisen ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Da kritt d'Regierung d'Wuert. D'Madamm Justizministesch.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Elisabeth Margue**, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Ech géif Iech Merci soe fir déi ganz breet Zoustëmmung och fir dëse Projet de loi. Ech géif dem Rapporteur Merci soen, dee mer et erlaabt, net müssen op all Detail anzegoen. Ech mengen, dat Wichtegst ass, dass mer hei awer Lacunne vum Code de procédure pénale behiemen, fir derfir ze suergen, dass d'Justice an d'Police kënne méi effikass schaffen. An dat ass eng Etapp. Et wäerten der nach e puer nokommen, mee op alle Fall ass et eng wichteg Etapp.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8381. Den Text steet am Document parlementaire 8381<sup>7</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8381 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An domat ass dëse Vott dann ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmme, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmegeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. André Bauler), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

**Une voix** | Jo!

**M. Claude Wiseler**, Président | Dann ass dat esou decidéiert.

## 20. Ordre du jour (suite)

An da si mer um Schluss vun eiser Sessioun vun de Moien ukomm. Mir hunn nach ee Punkt um Ordre du jour. Mir konnten awer bis auf Weideres net déi noutwendeg Leit, déi mer brauchen, fir dëse Projet de loi duerschzékriegen, de Moien hei an d'Chamber kréien, soudatt ech proposéieren, dass mer deen de Mëtten um 14.00 Auer maachen an nach eng Kéier zesummekommen.

Ech bieden Iech dann, wa mer de Mëtten zesummekommen, relativ matzäit ze sinn, ...

(Hilarité)

... well et riskéiert, ganz schnell ze goen.

Ech soen Iech Merci an ech hiewen d'Sëtzung heimat op.

(La séance publique est levée à 11.44 heures.)